N°4361
Entrée le 30.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An de leschte Jore gouf ëmmer nees op Fäll vu Vernoléissegung, Mësshandlung oder net konformer Déierenhaltung higewisen. Fir d'Effikassitéit vun de Kontroll- a Sanktiounsmechanismen am Beräich vum Déiereschutz bewäerten ze kënnen, wier eng aktualiséiert Iwwersiicht iwwer d'Saisien a Verstéiss nëtzlech.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Ass d'Regierung der Meenung, datt déi aktuell gesetzlech Instrumenter duergoen, fir a schwéiere Fäll séier géint Déieremësshandlung virzegoen?
- Wéi vill Déiere goufen an de leschte fënnef Joer saiséiert? Kann d'Regierung dës Zuelen no Joer an no Déierenaart oplëschten?
- Wéi vill Hënn befannen sech aktuell an Déierenasyler nodeems si vun den zoustännegen Autoritéite saiséiert goufen? Kann dës Zuel no Asyl opgelëscht ginn?
- Wat waren an de leschte fënnef Joer déi heefegst Grënn fir eng Saisie vun Déieren?
- Wéi vill Procès-verbaux wéinst presuméierte Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz goufen an de leschte fënnef Joer opgestallt?
- Wéi vill vun dëse Fäll hunn zu enger administrativer Sanktioun, enger penaler Verfollgung oder enger geriichtlecher Verurteelung gefouert?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

N°4361
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4361 vun der éierewäerter Deputéiert Claire Delcourt**

- **Ass d'Regierung der Meenung, datt déi aktuell gesetzlech Instrumenter duergoen, fir a schwéiere Fäll séier géint Déieremësshandlung virzegoen?**

D'Regierung ass der Meenung, datt déi aktuell gesetzlech Instrumenter grondsätzlech duerginn, fir a schwéiere Fäll séier géint Déieremësshandlung virzegoen. Gläichzäiteg gëtt awer natierlech ëmmer gekuckt wou nach Verbesserungspotential wier, fir d'Effikassitéit an d'Rechtssécherheet vun de Prozedure weider ze stäerken.
An deem Sënn ass eng Ännerung vum Déiereschutzgesetz virgesinn, déi nei administrativ Sanktiounen aféiert fir Verstéiss géint administrativ Obligatiounen oder Oplagen.
Schwéier Verstéiss géint d'Déiereschutzbestëmmunge bleiwe weiderhin am penale Beräich, wou déi entspriechend strofrechtlech Instrumenter zur Uwendung kommen.
Doriwwer eraus gesäit d'Ännerung eng Vereinfachung vun de Prozedure vir. Aktuell muss eng Saisie vun Déiere bannent aacht Aarbechtsdeeg validéiert ginn wat d'Handele vun den zoustännegen Autoritéiten erschwéiere kann. Fir méi Effikassitéit ze garantéieren, gëtt dofir proposéiert, dës Bestëmmung opzehiewen.
D'Zil vun der Ännerung besteet also net doran, déi bestoend Instrumenter grondsätzlech a Fro ze stellen, mee hir Uwendung an Effikassitéit duerch geziilt Upassungen ze verbesseren.

- **Wéi vill Déiere goufen an de leschte fënnef Joer saiséiert? Kann d'Regierung dës Zuelen no Joer an no Déierenaart oplëschten?**

2021: 1 Hond

2022: 79 Randbéischten
1 Papagei

2023: 14 Hënn
3 Randbéischten
3 Päerd
3 Geessen

2024: 7 Hënn
80 Randbéischten
2 Päerd
16 Kanéngercher
475 Mierschwéngercher
4 Hénger
3 Inten
3 Dauwen

2025: 8 Hënn
27 Kazen
23 Randbéischten
1 Schof
5 Kanéngercher
2 Sittichen

- **Wéi vill Hënn befannen sech aktuell an Déierenasyler nodeems si vun den zoustännegen Autoritéite saiséiert goufen? Kann dës Zuel no Asyl opgelëscht ginn?**

| | |
|---|---|
| Gasperech: | 6 |
| Esch: | 1 |
| Schëffleng: | 4 |

- **Wat waren an de leschte fënnef Joer déi heefegst Grënn fir eng Saisie vun Déieren?**

Déi heefegst Grënn fir eng Saisie vun Déiere sinn Verstéiss géint d'Ufuerderunge fir eng konform Déierenhaltung wéi Hygiènesproblemer, eng net aartgerecht Ënnerbréngung souwéi eng net adäquat Versuergung mat Fudder. Weider Grënn kënne gravéierend Mängel bei der medezinescher Betreiung vu kranken oder verletzten Déiere sinn.

- **Wéi vill Procès-verbaux wéinst presuméierte Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz goufen an de leschte fënnef Joer opgestallt?**

Follgend Unzuel vun Expertiserapporte gouf an de leschte fënnef Joer opgestallt:

| | |
|---|---|
| 2021: | 7 |
| 2022: | 9 |
| 2023: | 7 |
| 2024: | 16 |
| 2025: | 9 |

Well fir ee Fall méi wéi een Expertiserapport erstallt ka ginn, entsprécht d'Zuel vun de Rapporten net onbedéngt där vun de Fäll. D'Unzuel vun de Rapporten hei bezitt sech op 35 verschidde Fäll.

- **Wéi vill vun dëse Fäll hunn zu enger administrativer Sanktioun, enger penaler Verfollgung oder enger geriichtlecher Verurteelung gefouert?**

An 3 Fäll koum et zu administrative Sanktiounen op Basis vum Artikel 14 vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 an a 29 Fäll zu penale Verfollegungen, vun deenen der 12 zu enger geriichtlecher Verurteelung gefouert hunn.

A verschiddene Fäll ass d'Enquête nach am Gaang, soudatt den definitiven Ausgang nach net feststeet.

Lëtzebuerg, den 28.Juli 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau